N°6347
Reçu le 14.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6347 vum 14. Juni 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.

Den honorabelen Deputéierte freet Prezisiounen iwwert d'Immatrikulatiounsplacke vu Gefierer déi zu Lëtzebuerg nach am Ëmlaf sinn.

Aktuell sinn alleguerten d'Formater vun Immatrikulatiounsplacken déi jee zu Lëtzebuerg autoriséiert goufen nach am Ëmlaf. Esou laang de Proprietär vum Gefier seng Plack net ännert oder d'Gefier definitiv ofmellt, bléiwen och déi Placke gülteg, déi ee Format hunn dat net méi dem Règlement grand-ducal modifié du 26 janvier 2016 relatif à la réceptioun et l'immatriculatioun des véhicules routiers entspriechen. Dës eeler Formater am Ëmlaf kënnen zesummegesat sinn aus: zwee Buschtawen an dréi Zuelen, ee Buschtaf a véier Zuelen, dréi Zuelen, an zwou Zuelen an zwee Buschtawe fir Cyclomoteurs, woubäi d'Gréissten och a Funktioun vun dëse Kombinatiounen ënnerschiddlech sinn.

Den Tableau ënnendrënner schlësselt d'Unzuel vun den nach immatrikuléiert Placken (ugemellt oder temporär ofgemellt) an deenen eenzelen eelere Formater op:

Placke Kombinatioun	**Placken am Ëmlaf**
2 Buschtawen an 3 Zuelen	18.232
1 Buschtaf a 4 Zuelen	14.533
3 Zuelen	55
2 Zuelen a 2 Buschtawen	583

Den Transfert vun enger Plack an engem eelere Format vun der Buschtawen-Zuele Kombinatioun op een anert Gefier ass effektiv net méiglech. Esou gesäit den Artikel 16 vum uewe genannte groussherzogleche Reglement vir, datt fir all Gefier, dat entweder néi ugemellt gëtt, importéiert gëtt oder zu Lëtzebuerg de Proprietär wiesselt, muss eng Nummer aus der « série courante » (2 Buschtawe 4 Zuelen) oder eng personaliséiert Nummer (2 Buschtawe 4 Zuelen, respektiv 5 Zuelen oder 4 Zuelen) attribuéiert kréien. Bei de Cyclomoteurs muss eng 2 Buschtawen 2 Zuele Kombinatioun benotzt ginn. Aner Kombinatioun sinn net méi autoriséiert. Dëst soll sécherstellen datt no an no nëmmen nach déi gülteg Formater am Ëmlaf bleiwen, déi och den europäeschen Dimensiounen entspriechen.

Zousätzlech kënnt derbäi datt een Transfert vu Placken, virun allem vun engem Proprietär op een aneren, ëmmer de Risiko mat sech bréngt, datt mat dësen eelere Placken oder och den néie Placken, bei deene verschiddene Buschtawen an Zuele Kombinatioun deelweis staark nogefrot sinn, och Handel bedriwwe gëtt.

Lëtzebuerg, den 14. Juli 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch